Rosa
Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 7. Februar 2013

# Pressekommuniqué

D'Vereenegung *Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.* hëllt mat Freet den Ëmstand zur Kenntnis, datt d'juristesch Chamberkommissioun gëschter um 6. Februar iwwert all Parteien ewech eestëmmeg de virleiende Gesetzesprojet 6172 A iwwert d'Opmaache vum Bestietnes fir gläichgeschlechtlech Koppelen ugeholl huet.

Dat sougenannten Homo-Bestietnes ass en Uleies, dat *Rosa Lëtzebuerg*, zesumme mat der Initiativ *"...och fir eis!"* schonn zënter Joere fuerdert. *Rosa Lëtzebuerg* hält awer nach un der Kritik um zweete Paragraf fest, dee beseet, datt déi zwou Persounen, déi d'Bestietnes agoe wëllen, d'Konditioune fir e Mariage an hirem jeeweilegen Heemechtsland erfëlle mussen, fir de Fall, datt se selwer keng lëtzebuergesch Staatsbierger sinn. Am Konkreten bedeit dës Klausel, datt zu Lëtzebuerg an Zukunft nëmme Leit sech bestueden dierfen, an deenen hirem Heemechtsland och d'Méiglechkeet op eng "Homo-Ehe" besteet. Dëst si bis ewell dann och just Belsch, Dänen, Hollänner, Norweeger, Portugisen, Schweden a Spuenier.

No der Neiegkeet, datt d'Chamberkommissioun d'Fro iwwert d'Opmaache vum Bestietnes mat der Fro iwwert d'Adoptioun vu Kanner duerch gläichgeschlechtlech Koppele parallel behandele wëll, hu mir d'Bäitreeg vun de Nolauschterer an der Emissioun *"Dir hutt d'Wuert"* op *RTL Radio* verfollegt. Opgrond vu villen Aussoen, déi d'Ängscht vun de Leit erëmspigelt, wëll Rosa Lëtzebuerg en Deel zu der ëffentlecher Diskussioun bäidroen an esou beim Ofbau vu Viruerteeler an Ängscht hëllefen, déi dacks zum Deel och aus Onwëssenheet resultéieren. Aus dësem Grond wëlle mir an deenen nächste Wochen en Informatioun- an Diskussiounsowend organiséieren, op dee mir jiddwer interesséierte Bierger häerzlech invitéieren an och encouragéieren, mat eis an d'Gespréich ze kommen. Déi genee Detailer heifir publizéiere mir op eisem Internetsite www.rosa-letzebuerg.lu an deelen dësen Datum dann och der Press mat.

Donieft wëlle mer och drop hiweisen, datt *Rosa Lëtzebuerg* zënter 11 Joer de vum Familljeministère konventionéierte Berodungszentrum *CIGALE* (www.cigale.lu) bedreift, deen ë.a. Opklärungs- a Berodungsfunktioun huet. Jiddwer Aart vu Froe ronderëm d'Thema Homo- a Bisexualitéit kënnen hei ganz kompetent beäntwert ginn. Dëse Service steet selbstverständlech net nëmme fir Betraffener mee fir jiddwer Bierger zur Verfügung.

*de Conseil d'administration vu*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*

Rosa
Lëtzebuerg
60, rue des Romains
L-2444 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 7. Februar 2013

# Pressekommuniqué

Die Vereinigung *Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.* nimmt mit Freude das Ereignis zur Kenntnis, dass die juristische Parlamentskommission am gestrigen 6. Februar über alle Parteigrenzen hinweg einstimmig das vorliegende Gesetzesprojekt 6172 A über die Öffnung der Ehe für gleichgeschlechtliche Paare angenommen hat.

Die sogenannte „Homo-Ehe“ ist ein Anliegen, welches *Rosa Lëtzebuerg*, zusammen mit der Initiative *„…och fir eis!“*, schon seit mehreren Jahren fordert. *Rosa Lëtzebuerg* hält darüber hinaus jedoch noch weiter an unserer Kritik um den zweiten Paragrafen fest, welcher besagt, dass zwei Personen, die sich verheiraten wollen, die gesetzlichen Voraussetzungen in ihrem jeweiligen Heimatland erfüllen müssen, sofern sie keine luxemburgischen Staatsbürger sind. Im Konkreten bedeutet diese Klausel, dass in Luxemburg in Zukunft nur Leute sich verheiraten dürfen, in deren Heimatländer die Möglichkeit einer Homo-Ehe existiert. Bis zum heutigen Datum sind die lediglich Belgier, Dänen, Niederländer, Norweger, Portugiesen, Schweden und Spanier.

Nach der Neuigkeiten, dass die Parlamentskommission die Frage zur Öffnung der Ehe mit der Frage nach der Adoption von Kinder durch gleichgeschlechtliche Paare parallel behandeln möchte, haben wir die Beiträge der Zuhörer der Radiosendung *„Dir hutt d'Wuert“* auf *RTL Radio* verfolgt. Aufgrund vieler Aussagen, die die Ängste der Leute wiederspiegeln, will *Rosa Lëtzebuerg* seinen Teil zu einer öffentlichen Diskussion beitragen und so beim Abbau von Vorurteile und Ängste helfen, die nicht selten aus Unwissenheit resultieren. Aus diesem Grund wollen wir in den kommenden Wochen einen Informations- und Diskussionsabend organisieren, zu dem wir jeden Interessierten Bürger herzlich einladen und auch ermutigen, mit uns ins Gespräch zu kommen. Die genauen Einzelheiten werden wir auf unserer Website www.rosa-letzebuerg.lu veröffentlichen und das Datum der Presse mitteilen.

Daneben wollen wir noch darauf hinweisen, dass *Rosa Lëtzebuerg* seit gut 11 Jahren das Beratungszentrum *CIGALE* (www.cigale.lu) betreibt, welches durch das Familienministerium konventioniert ist. Unsere Mitarbeiter, welche vor allem einen Aufklärungs- und Beratungsauftrag haben, beantworten selbstverständlich jede Frage zum Thema Homo- und Bisexualität. Dieser Service steht natürlich nicht nur jedem Betroffenen sondern jedem Bürger zur freien Verfügung.

*Der Verwaltungsrat von*
*Rosa Lëtzebuerg a.s.b.l.*